



Informationsaustausch ubelaangen. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et huet sech bis elo just ageschriwwen: den Här Henckes.

D'Wuert huet elo...

(Interruption)

Ech mengen, den Här Henckes sträiche mer. Da kritt elo d'Wuert de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Gilles Roth.

3. 6501 - Projet de loi portant approbation de conventions fiscales et prévoyant la procédure y applicable en matière d'échange de renseignements sur demande

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Gilles Roth** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dem Gesetzesprojekt 6501 huele mer eng Rei vun Duebelbesteuerungsofkommessen un. Et sinn dat zum Deel Zousätz oder Ännerungen zu bestehende Konventionen, mä et ginn och eng Rei vun neie Verträge guttgeheescht. An den Hauptpunkt, deem ass, wéi et virdru schonns ugeklongen ass, d'Steierhannerzëiung ze bekämpfen.

Duerfir gëtt den Informationsaustausch tëschent de Steierverwaltungen aus de Vertragsstaaten verbessert, an d'Bankgeheimnis, dat kann net méi als Ursach geholl ginn, fir där Informationspflicht net nozekommen. Eis Duebelbesteuerungsofkommessen, déi ginn eigentlech dem Standard vun der OCDE ugepasst. Mir hunn also déiselwecht Approche, wéi mer se geholl haten am Gesetz vum 29. März dëst Joer iwwert den Informationsaustausch tëschent den EU-Memberstaaten.

D'Bankgeheimnis spillt um Niveau vun dem Informationsaustausch tëschent de lëtzebuergeschen an den auslännesche Steierverwaltungen net méi. Mä opgepasst, d'Viraussetzung ass déi: nämlech, dass déi auslännesche Steierverwaltungen, ier se d'Informationen zu Lëtzebuerg froen, bei sech virdru all Diligence gemaach hunn. An dem Text vun den eenzelne Konventionen steet et, dass een nëmmen esou kann «informations vraisemblablement pertinentes» kréien. Dat heescht also, dass d'Ufro aus dem Ausland muss wierklech begrënnt an och berechtigt sinn.

Et geet also net, fir sougenannten „fishing expeditions“ ze maachen, dat heescht, fir e méiglechst breet Netz auszewerfen, mat der Hoffnung, dass een herno dann e Fësch dra fënn.

Här President, dee Gesetzesprojekt, dee schreift sech eigentlech an dee politesche Kontext vun dem G20-Sommet vu London aus dem Joer 2009 an. Mir waren deemools op enger Lëscht, der groer Lëscht vun der OCDE vun deenen net onbedéngt kooperatiounswëllege Steuerparadiäer. Mir wollten awer de gudden Ruff vun onser Finanz- a Bankeplaz net op d'Spill setzen an duerfir hu mer schonns mat engem Gesetz vum 31. März 2010 eng ronn 20 Steueraccorden ugeholl, wou deemools och e Passus draoustoung, nämlech dass, wann e Verdacht vu Steuerhannerzëiung géif bestoen, dat Land misst all Informatiounen ginn, fir dass dee Steuerpflichtigen och senger Steuerzuelerpflicht géif nokommen.

Duerfir hu mer och de 16. Juli 2007 (veuillez lire: 2011) weider siwe Steueraccorden ugeholl. 2012 hu mer e weidert Gesetz gestëmmt, nämlech fir dat grenziwwerschreidend Andriewe vu Steiersuen ze erméiglechen. A schlusslech hate mer am März dëst Joer eng Direktiv ëngesat, wou mer den Informationsaustausch tëschent den europäesche Memberstaaten wat d'Steieren ubelaangt geregelt hunn.

Här President, deen Informationsaustausch ass sécherlech den Hauptpunkt vun den Duebelbesteuerungsofkommessen, mä mir wëllen awer net nëmmen, dass mer weltwäit net als Steuerparadiäs zielen. D'Duebelbesteuerungsofkommessen, de Luc Frieden huet dat de Mëtten ënnerstrach, déi hunn och eng wirtschaftlech Importenz. Duerfir maache mer déi Duebelbesteuerungsofkommessen, fir dass eise Betriber weltwäit nei Marchée kënnen zougänglech gemaach ginn. An et gesäit een, dass déi grouss Geschäfte net méi ausschliesslech an Europa, mä wäit doriwwer eraus gemaach ginn.

Duerfir huele mer eng Rei vun Besteuerungsofkommessen u mat eenzelne Länner, dat si Mazedonien, d'Seychellen, Tadschikistan, de Laos a Sri Lanka. Datselwecht zielt awer och fir de Kasachstan, do hate mer schonn 2008 en Duebelbesteuerungsofkommess, do hu mer en Avenant gemaach, well mer och do déi Klausel dragesat hunn, nämlech de Kampf géint d'Steierhannerzëien. Datselwecht geschitt iwwer Avenante mat wesentlechen Handelspartner vu Lëtzebuerg, nämlech Kanada, Südkorea,

Italien, Malta, Polen, Rumänien, Russland an och mat der Schwäiz.

Dann, Här President, hu mer awer zu gudder Lescht nach en neit Steuerofkommess, wat mer maache mat eise wichtegsten Handelspartner, nämlech Däitschland. Do geet dat bestehend Steuerofkommess op 1958 zrëck. Et gëtt awer do zwou substanzuell Ëmännerungen, déi d'Leit och grenziwwerschreidend betreffen.

Dat ass nämlech esou, dass bis elo déi Pensionen aus dem sougenannte Régime statutaire, dat heescht dem öffentlechen Déngscht, wann en däitsche Statsbierger, deen an Däitschland gewunnt huet, déi vun der Lëtzebuergger öffentlecher Fonctioun kritt huet, dann ass déi Pension hei zu Lëtzebuerg besteiert ginn. Déi kann an Zukunft och an Däitschland besteiert ginn.

Dat, wat am wesentlechten ass a wat ganz vill Leit betrëfft, dat ass nämlech Folgendes: Wann eng Pension aus dem Privatsektor ausbezuelet gëtt, da gouf déi bis elo ausschliesslech an dem Land vun dem Wunnsätz besteiert. Do kënn eng Neierung, nämlech dass konkret fir en däitsche Statsbierger, deen an Zukunft eng Pension aus Lëtzebuerg kritt, dass déi zu Lëtzebuerg besteiert gëtt.

Dat ass awer net onbedéngt en Avantage. Firwat? Mä well bis 2005 an Däitschland d'Pensionen nëmmen op der Halschent besteiert goufen. Am Joer 2013 gëtt eng Pension, déi an Däitschland oder zu Lëtzebuerg ausbezuelet gëtt, an Däitschland zu 66% vum Pensionsmontant nëmme besteiert. Dat heescht also, dass, obschonn de Steiertaux zu Lëtzebuerg méi niddreg ass wéi an Däitschland, de Pensionsempfänger ënner Ëmstänn besser ewechkëim, wann d'Besteuerung wéi bis elo an Däitschland géif gemaach ginn. Mä d'Besteuerungsbasis vun de Pensionen geet an Däitschland all Joers ëm 2% erop, fir 2040 op 100% ze leien. An doduerch ass dovun auszegoen, dass et sécher en Avantage ass fir de Pensionsempfänger, deen an Däitschland wunnt, dass mat deem neie Regime seng Pension hei am Land wäert besteiert ginn. A fir eist Land bedeit dat och eng zousätzlech Steiereinnahm.

Här President, ech verweisen - Här Weiler och - fir de Rescht op mäi schréffleche Bericht, deen eestëmmege an der Finanzkommission ugeholl ginn ass, an ech ginn och der CSV hir Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.

An dat hu mer a 6 Minutten 33 gemaach, ech mengen, dat war kuerz genuch.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président**.- An ech soen dem Rapporteur Merci fir dee ganz komplette Rapport, deen esou komplett ass, datt kee méi brauch nach d'Wuert dozou ze ergräifen, sou datt mer direkt driwwer ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6501 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, géint 1 Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes (par Mme Marie-Josée Frank), MM. Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Alex Bodry), MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen (par M. Roger Negri), Jean-Pierre Klein (par M. Ben Scheuer), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Carlo Wagner) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes.

A voté non: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Da komme mer elo zum nächste Punkt, dem Projet de loi 6506, e Protokoll iwwert d'Immu-

nitëit vun der Banque des règlements internationaux. Och hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht an och hei huet kee sech ageschriwwen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Michel Wolter. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

4. 6506 - Projet de loi portant approbation du Protocole relatif aux immunités de la Banque des règlements internationaux, fait à Bruxelles le 30 juillet 1936

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Michel Wolter (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President. D'Bank fir den internationalen Zahlungsausgleich ass déi eelsten international Finanzorganisation vun der Welt. Si ass am Joer 1930 gegrënnt ginn an huet hire Sëtz zu Basel an der Schwäiz. Haut gëllt d'BRI als eng Schlësselroll an der Kooperatioun tëschent den Zentralbanken an aneren Institutionen aus dem Finanzberäich. Si fördert d'Zusammenarbeit am Währungs- a Finanzberäich an ass d'Bank vun den Zentralbanken.

Niewebäi ass d'BRI och en Zentrum fir Währungs- a Wirtschaftsfuerschung a Sëtz vu ville Comitéen oder onofhängegen Organisationen, déi Recommandatiounen fir Länner am Beräich vun de Finanzen ausschaffen. An ech mengen, dach déi bekanntsten Organisation ass wuel de Comité de Bâle, dee regelméisseg Propositionen iwwert d'Iwwerwachung an d'Kontroll vun de Banken op der Welt ausschafft.

Laut Statuten hu just d'Zentralbanken oder aner international Finanzautoritéiten d'Recht, fir Aktionär ze sinn. Am Moment sinn dat eng ronn 60 Zentralbanken, déi dann och de Verwaltungsrot zesummesetzen.

Lëtzebuerg huet den 22. September 2011 de Protokoll iwwert d'Immunitéiten vun der BRI ënnerschriwwen. Dee Protokoll garantéiert ënner anerem, dass d'Operatiounen vun der BRI, déi Immunitéiten, déi si als Finanzinstitut an hirer Ausübung vun den Tächë muss maachen, dass déi garantéiert sinn.

De 26. Juni 2011 huet de Verwaltungsrot vun der BRI am Kader vun enger Kapitaleröffnung der Lëtzebuergger Zentralbank offréiert, Member ze ginn. Dës Offer ass och un d'Zentralbanken vu Kolumbien, dem Peru an de Vereenegten Arabeschen Emirate gaangen.

D'Méiglechkeet vun der BCL, Member an der BRI ze ginn, ass d'Resultat vu laange Verhandlungen iwwert d'Opmaachung vum Kapital fir nei Memberen. Et ass an eisen Aen de Beweis, dass déi international Communautéit eiser Finanzplaz eng gewësse Wichtigkeet zougesteet, an et ass eng weider Bestätegung, dass mir eng seriö an zuverlässesg Finanzplaz hunn. Et ass awer och eng Unerkennung fir eis Zentralbank fir d'Qualitéit vun hire Contributiounen an d'Aarbechten an de Comitéen vun dëser Bank. Duerch dës Membership kann d'BCL hir Kompetenzen an hir Réseau weider ausbauen a stärken. Des Weidere kann d'Banque centrale och méi cibléiert an d'Diskussionen an deene verschiddene Comitéen agräifen.

Här President, léif Kolleegen, den Interesse ass grouss. D'BCL huet de 15. Juli 2011 3.000 Aktiën vun der BRI kritt. Dat entsprécht ronn 0,55% vum Kapital. De Präis, deen d'BCL fir dës Package vun Aktiën bezuelet, beleeft sech op den Equivalent vu 65.712.000 Droits de tirage spéciaux. An Euro ausgedréckt huet dës Transaktioun e Wäert vun 72,850 Milliounen Euro.

Wichtig ass an dësem Kontext ze ernimmen, dass d'Banque centrale dës Transaktioun aus eegene Mëttel finanzéiert an et keng Inzidenzen op de Statsbudget kritt. Och wann d'Adhësioun un de Protokoll net eng Condition sine qua non ass, fir sech am Kapital vun der BRI kënnen ze bedeelegen, esou ass et säitens vun der BRI awer erwënscht, dass de Protokoll iwwert d'Immunitéiten vun der Banque des règlements internationaux ugeholl gëtt.

No laangen Diskussionen huet d'Finanzkommission eestëmmege decidéiert, fir der Chamber ze proposéieren, fir dee Projet de loi hei unzuhuelen. Ech soe Merci fir deen aussergewöhnlech groussen Intérêt a bieden d'Chamber, fir de Projet ze stëmmen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Och hei Merci dem Rapporteur, dee méi wéi komplett war, sou datt sech all anere Commentaire dozou eriwwegt. Mir kommen direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6506 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, géint 2 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes (par M. Serge Wilmes), MM. Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen (par M. Ben Scheuer), Jean-Pierre Klein (par M. Marc Angel), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Carlo Wagner) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

M. Jacques-Yves Henckes.

Se sont abstenus: M. Jean Colombero;

M. Serge Urbany.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat och esou decidéiert.

De leschte Punkt vun eise Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 6524 iwwert d'Schafe vu Chambres professionnelles à base élective. Och hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo ageschriwwen, mä deen iwwerleet sech dat nach eng Kéier: den Här Gibéryen.

(Interruptions)

Also, en huet sech et schonn iwwerluecht.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech war ganz iwwerrascht, dass ech ageschriwwen war!

► **M. le Président**.- Duerfir kritt elo d'Wuert de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

5. 6524 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

► **M. Roger Negri** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am November dëst Joer si Sozialwahlen, wou all Salaré drun deelhuele kann an wou och all Secteure vun eiser Ekonomie representéiert sinn. Haut stëmme mer eng Upassung fir d'Wahle vun der Chambre d'Agriculture fir déi dräi Beruffer vum Bauer, Wénzer a Gäertner. Et ass eng Upassung vum Gesetz vum 4. Abrëll 1924 op déi aner Chambres professionnelles.

Bis elo ass et esou gewiescht, dass am Beräich vun der Landwirtschaft, dem Wäibau an am Gäertnerberäich d'Opsetze vun de Lëscht fir d'Sozialwahlen iwwert d'Gemenge gelaf ass. Op Demande vum Landwirtschaftsministère sinn dës Lëscht fir déi dräi jeeweileg Collègen: Agriculteurs, Viticulteurs an Horticulteurs bis elo vun de Gemengen opgestallt ginn.

Nun ass et esou, dass déi Prozedur fir d'Gemenge besonnesch schwierig ass, well dës net ëmmer genau wësse kënnen, wéi wahlberechtigt ass a wien net. Derbäi kënn nach ëmmer méi, dass an de Gemenge mat Altersheimer et net sécher bis onméiglech ass, genau ze wëssen, zu welcher Kategorie vu Beruff déi pensionéiert Leit do gehéieren.

D'Gemengen hunn deemno keen Accès zu de korrekten Informatiounen, fir d'Wahlleschten



opzestellen. Doduerch konnte verschidde Gemengen dann och den Délai, dee fir d’Kommunikatioun no baussen noutwendeg ass, och net ëmmer anhalen.

Mam Gesetz vun haut alignéiere mer d’Prozedur zum Opstelle vun de Lëschte fir d’Chambre d’Agriculture un déi vun der Chambre des Salariés. Konkret heescht dat ganz einfach, dass de Landwirtschaftsministère déi néideg Donnéeën beim Centre commun de la sécurité sociale ufreet an d’Lëschten doropshin opstellt. Domat ass garantéiert, dass d’Sozialwahlen fir d’Chambre d’Agriculture korrekt nom leschte Stand och kënnen oflafen.

D’Gesetz vum 18. Abrëll 2008 iwwert den «renouvellement du soutien au développement rural» definéiert de Beruff vun der Landwirtschaft, dem Wäibau an dem Gäertner duerch déi respektiv sozial Cotisatiounen un déi landwirtschaftlech Gesondheetskeess. D’Cotisatiounen an d’Informatiounen, déi d’Gesondheetskeess huet, sinn, wéi mer wëssen, déi fiabelst a gëlle fir all Secteur.

Souwäit zum éischte vun deenen dräi Artikele vum Projet de loi.

Mam Projet de loi gëtt am Artikel 2 och de Kalenner vun der Publikatioun vun den definitive Wahlleschten op déi vun der Chambre des Salariés alignéiert, dat heescht, 20 Deeg no der offizieller Annonce vun dem Datum vun de Wahlen.

Datselwecht gëllt fir den Artikel 3 a leschten Artikel vum Projet de loi, wou d’Prozedur vum Recours géint d’Wahlleschten där vun der Chambre des Salariés och ugepasst gëtt. Bei de Modalitéite vum Recours hu mer an der Chamberskommissioun allerdéngs der Meenung vun der Regierung Rechnung gedroen, an net dem Avis vum Statsrot. D’Gemeenge- respektiv d’Schäfferéit behalen do eng Roll, wat d’Transmissioun vun de Recoursen un de Riichter ubelaangt, a kënnen och, wann de Riichter dat fir noutwendeg hält, gehéiert ginn.

Als lescht Remarque wëll ech nach soen, dass den entspreche Règlement grand-ducal den 8. März 2013 vum Regierungsrat guttgeheescht gouf an och scho positiv vum Statsrot aviséiert gouf. Duerfir wëlle mer eise Landwirtschafts- a Wäibauminister Romain Schneider extra luewen, well mer oft, jo, well mer oft Gesetzer stëmmen, ouni dass den entspreche Règlement grand-ducal bekannt ass, dee jo, wéi gewosst, zwar net an der Kompetenz vun der Chambersplénière läit, awer, wéi an dësem Fall, wou en hei virläit, fir méi eng grouss Transparenz vun eisen Aarbechte suergt. An duerfir soe mer e Merci!

Zur Informatioun wëllt ech nach vläicht just soen, dass am Ganzen 19 Plaze bei de Sozialwahlen fir d’Agrarchamber opstinn, 15 fir d’Baureverbänn, dräi fir d’Wënzler an ee fir d’Gäertner.

Domadder ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d’Nolauschteren.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Rapporteur, deen och extrem komplett war. Et ass näischt méi bäizefügen. Mir kommen zur Ofstëmmung.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 6524 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmme fänkt un. Déi perséinlech Stëmme fir d’Éischt. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes (par Mme Martine Mergen), MM. Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall’Agnol (par M. Alex Bodry), MM. Fernand

Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen (par M. Ben Fayot), Jean-Pierre Klein (par M. Ben Scheuer), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. André Bauler), Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

MM. Jean Colomera et Jacques-Yves Henckes;

M. Serge Urbany.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?


(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn um Enn vun eiser Sitzung haut ukomm. Déi nächst Sitzung si virgesi fir den 11., 12. an 13. Juni.

D’Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 19.35 heures)



SÉANCE 35

MARDI,
11 JUIN 2013

Présidence: M. Laurent Mosar, Président

Sommaire

1. Communications
 - M. le Président
2. Ordre du jour
 - M. le Président, M. Xavier Bettel
3. Dépôt d’une motion par M. Xavier Bettel
 - M. Xavier Bettel
4. Ordre du jour (suite)
 - M. Félix Braz
5. Dépôt d’une motion par M. Félix Braz
 - M. Félix Braz (M. Michel Wolter intervient)
6. Ordre du jour (suite)
 - M. Gast Gibéryen (M. Ben Fayot et M. Lucien Lux interviennent), M. Serge Urbany, M. Gilles Roth, M. Lucien Lux, M. François Bausch, M. Claude Meisch
 - Vote sur l’ordre du jour (adopté)
7. 6485 - Projet de loi portant modification de l’article 567 du Code de commerce
 - Rapport de la Commission juridique: M. Gilles Roth
 - Discussion générale: Mme Diane Adehm, Mme Lydie Polfer, M. Jean-Pierre Klein
 - Mme Octavie Modert, Ministre de la Justice
 - Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
8. 6523 - Projet de loi relative aux banques d’émission de lettres de gage et portant modification de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier
 - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Gilles Roth
 - Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
9. 6549 - Projet de loi portant approbation de la décision 8123/07 du 23 juillet 2007 du Conseil et des représentants des gouvernements des États membres, réunis au sein du

Conseil, relative à la conclusion des accords au titre de l’article XXI de l’AGCS avec l’Argentine, l’Australie, le Brésil, le Canada, la Chine, le territoire douanier distinct de Taïwan, Penghu, Kinmen et Matsu (Taïpei chinois), la Colombie, Cuba, l’Équateur, Hong Kong (Chine), l’Inde, le Japon, la République de Corée, la Nouvelle-Zélande, les Philippines, la Suisse et les États-Unis d’Amérique concernant les modifications et ajustements compensatoires nécessaires à la suite de l’adhésion de la République tchèque, de la République d’Estonie, de la République de Chypre, de la République de Lettonie, de la République de Lituanie, de la République de Hongrie, de la République de Malte, de la République d’Autriche, de la République de Pologne, de la République de Slovénie, de la République slovaque, de la République de Finlande et du Royaume de Suède à l’Union européenne

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l’Immigration: Mme Lydia Mutsch
- Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

10. Heure d’actualité du groupe parlementaire DP et du groupe parlementaire déi gréng au sujet du rapport présenté à la presse luxembourgeoise quant à la prise de participation par des investisseurs qataris dans Cargolux

- M. Jacques-Yves Henckes
- Exposé: M. Fernand Etgen, M. François Bausch (dépôt d’une motion)
- Débat: M. Fernand Boden (M. François Bausch et M. Fernand Etgen interviennent), M. Lucien Lux, M. Gast Gibéryen, M. Serge Urbany
- M. Luc Frieden, Ministre des Finances (M. François Bausch pose des questions)
- M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures (M. François Bausch intervient)
- Motion 1: M. Lucien Lux, M. François Bausch, M. Fernand Boden, M. François Bausch, M. Lucien Lux, M. François Bausch, M. Michel Wolter, M. Gast Gibéryen, M. François Bausch (motion 1 maintenue en suspens)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, Claude Wiseler, Mme Octavie Modert et M. Marc Spautz, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d’Sitzung op.

Huet d’Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schénge net de Fall ze sinn.

1. Communications

Ech hu par contre folgend Kommunikatiounen un d’Chamber ze maachen:

Fir d’Éischt ass d’Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten um Bureau déposéiert.

Da goufe folgend Projeten an der Administration parlementaire déposéiert:

de 14. Mee vun der Erzéiungsministesch de Projet de loi 6573, eng Reform vum Secondaire; de 15. Mee vum Ausseminister de Projet de règlement grand-ducal 6574 iwwert d’Participatioun vu Lëtzebuerg bei der EU-Missioun am Kosovo; den 31. Mee vum Wirtschaftsmini-

nister de Projet de règlement grand-ducal 6575 iwwert d’Produktioun vun Elektresch duerch erneierbar Energien; deeselwechten Dag vum Ausseminister de Projet de règlement grand-ducal 6576 iwwert d’Participatioun vu Lëtzebuerg bei der Wahlobservatioun vun der OSZE fir d’Joer 2013; de 6. Juni vum Finanzminister de Projet de loi 6577, Compte général vum Joer 2012; deeselwechten Dag vum Gesondheetsminister de Projet de loi 6578 iwwert d’Schafe vum Beruff vum Psychothérapeut, a schliesslech den 10. Juni vum Nohaltegkeetsminister de Projet de loi 6579, eng Rei Direktiven iwwert d’Ophiewe vun Notzrechter fir verschidde Stroossen.

De 27. Mee 2013 ass d’Petitioun N°324 iwwert d’Organisatioun vum Taxisecteur vun de Dreier an de Chauffere vun engem Taxiservice vun der Stad Lëtzebuerg eragereecht ginn.

Communications du Président - séance publique du 11 juin 2013

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau. Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et les projets de règlement grand-ducaux suivants ont été déposés à l’Administration parlementaire: